

Bimbambiren...

d'Klacke lauden zu Schiren... e Kanner-Vers, deen zesoen all Lëtzebuergער ewell héieren huet. Firwat zu Schiren? Just well et reimt! **Hei an eiser KLACK „bimbamt“ et dës Kéier fir d'167st Mol, ewell 17 Joer laang, an dat all Kéier iwwer 100 000 mol gedréckt.** Dat misst jo bal e giedelege Klacke-Klank fir eis Sprooch ginn... ower gitt emol mat engem Dawen an e Concert, frot e Blannen, wéi et am Kino war! Vill méi schlëmm ass et, wann een net héiere wëllt oder einfach net dohinner kuckt, wann eppes engem net geet.

Vill Zéngtausende Lëtzebuergער hu garantéiert haut eraus, dass eis Sprooch e Stéck vun äis ass... a **wien dat Stéck Gesiicht mat äis wëllt deelen – also Lëtzebuergער ginn – deem schreift eist Gesetz jo vir, dass hien eis Sprooch muss kënnen oder d'éischt léieren...** wuel verstan: fir „einfache“ Bierger vun eise Staat ze ginn, net fir eng offiziell Positioun.

De „Clou“, souzesoen den Nol op de Kapp: Elo fanne genee déiselwecht, déi dës Sprooch-Condition vrun e puer Joer an d'Gesetz geschriwwen hunn, dass d'Lëtzebuergesch keng onbedéngt Musse-Saach ass, fir sech an engem Gemengerot iwwer Wahlen all Rechter vun engem „Konseljen“ ze noperen; dat ass eng politesch Fro, déi hei guer net am Spill ass. Ower egal wéi een et dréint a kéiert, **dat kann einfach net stëmmen, dat geet net op!** No dësem neie Gesetz mussen de Buergermeeschter an seng Scheffen onbedéngt dräisproocheg sinn, an zwar „coulant“ A wéiville vun eisen 116 Gemengen ass dat dann de Fall?... mir nenne keng Uertschaften a keng Nimm, mä dat gétt et einfach net... an et ass och keng Schan. Ower...

Wat verst mir ënnert eiser vermengter 3-Sproochegkeet?... déi dach net am vollwertige Sënn existéiert: Fir sech an der Vakanz oder op enger Croisière mam Patt am Grapp duerchezepoteren, do kann een unhuelen, dass der 7 vun 10 dobäi sinn... ower eng zerguttst Gemengerot-Diskussioun iwwer e Schoul- oder Stroossenbau, iwwer d'Gemengegestioun am Grousse Ganzen, do wënt een **all Wett, dass et an deene meeschte Gemenge ganz penibel Problemer op franséisch, vläicht esouguer och nach op däitsch giff ginn.**

Mir kënnen iwregens och keng sougenannt „Dräisproochegkeet“ vun engem Mënsch verlaangen, deen no senger Primärschoul „op d'Schaff“ gaang ass, wou d'Sprooch-Jongléieren entweder keng oder nëmme eng ganz butzeg Roll gespilt huet. **Nom Geescht (?) vum neie Gesetz kann esou e Lëtzebuergער weder Buergermeeschter nach Scheffe sinn...** wat natierlech eng Ongerechtegkeet ass, well de gesonde Mënscheverstand a gutt Iddien dach net onbedéngt mat „Sproochkompetenz“ ze dinn hunn.

Anescht gekuckt: Do setze vläicht Leit am Gemengerot, déi eis Sprooch, d'Émgankssprooch an engem Gemengerot, einfach net kënnen. **D'Sprooch am Conseil ass ower zu 99,9 % Lëtzebuergesch...do kréien déi „Unilingues“ näischt mat;** am Gespréich mat dobäi sinn, ausgeschloss... an domat si och! Legal heescht et ausdrécklech, dass keng Iwwersetzung däier gemaach ginn: Stellt iech emol sou en hiermiddegt Gewulls vir.

Zielt engem dee ganze „Bimbam“ am Frankräich, an Däitschland, an Dänemark, a Spuenien oder Portugal... dee kuckt iech ewéi e Moundkällefchen. Wéi heescht et am Asterix: **Ils sont fous, ces Romains! A mir?**

Mir soen eise sympathesche Kolleg a Frënd Léon Doemer, dem Däitschprofessor a Co-Auteur vun deer formidabler 3-bänneger Serie „Sprachbuch für den Deutschunterricht in Luxemburg“, merci fir deen intressanten Artikel hei hannendrun. Iwwer déi arrogant Kueberei, déi mat deem Musterwierk geschitt ass, wäert nach rieds goen.

Bidden a bieten

Ech sollt mengen Oueren net trauen, wéi ech virun enger Zäitchen an de Nouvelen um Radio héieren hunn, dass an engem Nopeschland verschidde Steieren sollen erhéicht ginn, an dass dofir déi déck Entrepenen zur Keess **gebuede** géifen. Ech hu geduecht, ech hätt schlecht héieren, an hunn d'Neiegkeete nach eng Kéier méi spéit gelauschert. Ech hat mech awer net verhéiert, hei goufen d'Verben **bidden a bieten** matenee verwiesselt.

Et hätt een natierlech och dat méi einfacht Verb *bezuelen* oder den Ausdrock *méi déif an d'Täsch gräifen* kënnen wielen, da wier der Redaktioun bei der Iwwersetzung aus dem Däitschen (...würden zur Kasse **gebeten**) kee Feeler ënnerlaf. Dem däitsche Verb „bitten“ (bat, **gebeten**) entsprécht nämlech dat lëtzebuergesch Verb „bieden“ (**gebieten**), z. B. *ech bieten lech – ich bitte Sie – je vous en prie – du bass **gebieten**, deng Rechnung ze bezuelen*). Esou géifen d'Leit dann och zur Keess **gebieten** an net gebueden, wann een onbedéngt mengt, et misst een déi Wendung aus dem Däitschen an d'Lëtzebuergesch iwwersetzen.


Eng aner Saach ass dat däitsch Verb „bieten“ (bot, **geboten**), wat dem lëtzebuergesche Verb „bidden“ (**gebueden**) entsprécht. Hei heescht et dann z. B.: *vun deem freche Kärel loossen ech mer näischt méi bidden*, oder: *op där Versammlung gouf net vill Neies gebueden*, oder: *d'Haus gouf net versteet, et huet kee genuch gebueden*.

Um Enn kann een nach dat lëtzebuergesch Verb „bieden“ (**gebiet**) ernimmen, wat dem Däitschen „beten“ (betete, **gebetet**) entsprécht. Z. B.: *si hunn de Rousekranz gebiet*.

Wann ee joerzengtelaang versicht huet, eise Kanner am Däitschen déi richteg Formen vun deene sou genannte „starke“ Verben „bitten“ a „bieten“ bäizebréngen, wat net ëmmer mat deem erhoffte Succès verbonne war, da brauch een sech net ze wonneren, wann déi Formen och am Lëtzebuergesch an de Leit hire Käpp wéi Hee a Stréi duerchenee leien.

Et ass awer och net verbueden, eppes an engem Dictionnaire nozesichen, wann ee senger Saach net sécher ass.

vum Lex Roth



Ceterum censeo... (47)

Dann hu mir jo elo **4 legal Texter, an deenen d'Lëtzebuergesch als d'Sprooch vun eise Land zielt:** d'Sproochgesetz vun 1984; d'Gesetz iwwer eis Nationalitéit; d'Kadergesetz fir d'Schafe vum „Institut national des langues (INL)“... zugudderlescht d'Gemengegesetz vun deer leschter Woch, wou d'Lëtzebuergesch – wéi och ëmmer – als déi normal Émgankssprooch an de Gemengeréit ernimmt (ëmschriwwen) gétt. Jo, an?

Da sot elo mol een äis, wat, vrun allem wien, d'Chamber drun hënnert, d'Lëtzebuergesch als „la langue du Grand-Duché“ an d'Constitutioun vun eise Land ze schreiwen. Ouni dës klor Ausso stinn déi 4 ernimmte Gesetzer juristesch op ganz schwache Féiss... Wannechgliff!

Si ass erëm do!

An de Statute vun eiser „Actioun-Lëtzebuergesch“ steet klor an däitlech, dass mir äis fir alles asetzen, wat lëtzebuergesch ass, natierlech appaart fir eis Sprooch... mä „alles“, dat heescht jidfer Element, dat ee fir eis Identitéit kann erëmfannen, also och Symboler vun deer Eegenart... zu deene gehéiert eis „GËLLE FRA“, op d'mannst zënter d'Nazien se ëmgerappt hunn, fir äis als Lëtzebuergער ze erniddregen. Et war den Ufank vun Horror-Joeren.

Gelungenerweis war et den AL-Sekretär vun deer Zäit, **den Här Marcel Lamy**, deen déi ganz Saach deemools un d'Rulle bruecht huet... iwwer all deen iwwerflësseg Aarmutt rondrëm soll hei en Deckel bleiwen. **Äre Schreiwert** hat als Commissiouns-President d'ganz Rekonstruktions Bockel; en aneren AL-Gründungsmitglied, den **Här Aloyse Raths**, déi Joere Resistenz-Commissär, war ee vun den „ommelzegste“ Mataarbechter bei der Saach. **Mir begrëssen d'Iddi vum Här Robert Goebbels**, eist nationaal „gëlle Meedchen“ als Symbol fir Lëtzebuerg, fir Fridden a Fräiheet, op d'Weltausstellung zu Shanghai bruecht ze hunn... a **mir si frou, dass dem Här Michel Wolter – Politik hin oder hier – säin Dram oppgaang ass**, dem Käerjenger Claus Cito säi Wierk an senger Käerjenger Heemecht auszustellen; et war eng „Bomme-Saach“. Merci un alleguer déi, déi matgemaach hunn... an déi Zéngtausenden, déi do waren.

Wann d'Wieder sech elo rëm dréint an d'Sonn matmécht, dass **gitt vläicht emol eng Kéier an der Stad méi no bei d'Monument**; liest, wat a gëllene Bustawen do rondrëm steet, vrun allem den Text vun der Grande-Duchesse Charlotte. **Kuckt iech am Buedem déi Placken emol un:** Do steet op 4 Sproochen a kuerze Sätz, fir haut a fir ëmmer, wat et mat deer Saach op sech hat an huet... och op Lëtzebuergesch. Dorop hu mir 1985 gehal, an do fret méi ewéi een Tourist sech, wat dat dann ass... da gétt hien och gewuer, dass mir EIS Sprooch hunn.

et lount sech

... dass ass kee Lëtzebuergesch, mä Houdäitsch! Mir soen, et wier „**dowäert**“, e bëssen esou wéi am Engleschen „*it is worth it*“, am Franséischen eng Grimmel méi complex: „*ça vaut la peine*“. En aneren Ausdrock wier, et hätt sech „**rentéiert**“... oder net. Eist Zécken an den dacks falsche Gebrauch kennt natierlech duerch déi enk Grenz (Interferenz) mam Däitschen; dat och nach, well **mir „lounen“ op eng aner Manéier am Lëtzebuergesch** am Gebrauch hunn... wou dat alt erëm am Däitschen „dolaanscht“ ass. Dir kënt „do-iwwer“ net soen, dir hätt en Haus „*gelohnt*“ aplaz „*gemietet*“; et versteet och keen, wann dir sot, et hätt een iech net „gelohnt“, wéi dir him d'Zäit gebueden / Moie gesot huet. Et soll iech iwwerlooss bleiwen, dass elo riichtzebéien.

De Pitti schreift

Vru ronn 50 Joer guff et **an der REVUE eng lëschteng Rubrik**, wou all Woch e Pitti oder soss e „Metzleschjong“ mat sengem koppegen Däitsch op d'Schëpp geholl ginn ass. Eierlech gesot: Dat war den Ufank vun ärem Schreiwergewudders fir d'Lëtzebuergesch; vill aner Intresse sinn dunn duerno komm... just am genee ëmgedrënte Sënn! Hei dann ower, mat den Hoer erbäigezunn, esou e Pittis-Beispill:

Der Topert hat mir Frechheiten gemaacht und mich Schimmel und Bless vernannt; ich hab ihn angesucht, aber der Richter hat ihm die Partie gehalten; da wurde ich wibbelig und habe sie allen zwei erwertert dass es gerabbelt hat; ich habe ihnen mal ferm watgliff gesagt, aber das hat nichts gedient.

Wat soll dat? Mä bëit dat emol riicht... a laacht eng Grimmel; maacht vläicht aus Spaass och esou Sätz... déi mir ganz gär hei bréngen; datselwecht ower och am ëmgedrënte Sënn.

Aus eenheemeschem Ubau!

Da loosst dach den däitschen „einheimischen Anbau“ stoen! Eierlech gesot: **Wësst dir, wat et mat deem „integrierten Ubau“ op sech huet?** Wat ass iwwerhaupt en „Ubau“? **Wat heescht „ubauen“?** En Haus? Eng Garage? E Schapp? Dat anert Ubauen ass am Lëtzebuergesch einfach glënnerege Quatsch... mä et mécht esou gutt, gelldir. **Eisen uralen Ausdrock vun „Zillen“ ass am däitsche Reklamm-Schaum erstéckt.** Zu Märel fannt dir elo bei neien Haiser am Virgärtchen e Schëld, dat iech seet, déi frësch Planze wieren aus „eenheemeschem Ubau“, aplaz „hei (bei äis) gezillt“... Wéi soen d'Leit: Wien sech näischt mécht, deen ass näischt. Dat do ass ower nach manner wéi näischt. Et ass ganz einfach lächerlech!

Plazeweis geet och nëmme méi rieds vun „ziichten“. Dobäi guff hei **Weess, Huewer asw, gezillt, Schwäin a Kaalwer gezillt, Kanner (leider dacks net genuch) gewinnt a gezillt...** firwat „erzunn“? Hénger oder Kanéngercher gehal... net a „Buedemhaltung“, mä einfach „dobaussen“. Wann dir gutt nodenkt, da wësst dir ganz séier, wou dat aremséilegt preisescht Gedéngels hierkënt. Natierlech ass dat alles net wichteg, vläicht esouguer nationalistesch-fanatesch. Dajee alt. D'Frënn vu „Gaart an Heem“ wiere gutt beroden, emol eppes fir eis Sprooch am Gaart ze maachen. Mir hëllef ganz gär.